N°4005
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2026
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 29. Abrëll 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Verschidden Enseignanten an Educateuren aus dem Enseignement fondamental, ënner anerem aus dem Precoce, weisen drop hin, datt si am Kader vun der Schoulorganisatioun fir d'Rentrée 2026/2027 mat neie Consignë konfrontéiert ginn, déi d'Organisatioun vun der Aarbechtszäit vu Personal à temps partiel betreffen.

No dësen Informatioune soll d'Aarbechtszäit vu Persounen, déi à temps partiel schaffen, am Prinzip esou organiséiert ginn, datt si op all Aarbechtsdag präsent sinn. Am Precoce, wou d'Kanner nach ganz jonk sinn an eng stabil Bezéiung zu hire Referenzpersounen eng zentral Roll spillt, kann esou eng Organisatioun dozou féieren, datt zwou Persounen, déi sech eng hallef Tâche deelen, sech net méi op ganz Deeg ofwiesselen, mee am Laf vum selwechten Dag. Dat géif konkret bedeiten, datt eng Persoun zum Beispill moies e puer Stonnen an der Klass ass an duerno vun enger anerer Persoun ofgeléist gëtt.

Esou eng Organisatioun werft wichteg pedagogesch Froen op. Am Cycle 1 an am Precoce si Stabilitéit a kloer Referenzpersounen entscheedend fir d'Wuelbefanne vun de Kanner. Zousätzlech Wiesselen am Laf vum Dag kënnen zu Onrou féieren an d'Kontinuitéit vun der pädagogescher Aarbecht erschwéieren. Dat gëllt ëmsou méi fir Kanner mat spezifesche Besoinen, déi dacks besonnesch staark op viraussiichtlech Strukturen a stabil Bezéiungen ugewise sinn.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Kann den Här Minister confirméieren, datt fir d'Rentrée 2026/2027 d'Aarbechtszäit vu Personal à temps partiel am Enseignement fondamental nei organiséiert gëtt?
- Wéi bewäert den Här Minister aus pedagogescher Siicht eng Organisatioun, bei där zwou Persounen, déi sech eng 50%-Tâche deelen, sech am Laf vum selwechten Dag an enger Precoce-Klass ofléisen? Wéi een Impakt huet en zousätzlechen Wiesselen

am Laf vum Dag sech op d’Wuelbefanne vun de Kanner, op d’Gruppedynamik an op d’Kontinuitéit vun der pädagogescher Aarbecht am Précoce auswierken?
- Wéi vill Spillraum behalen d’Schoulen an d’pedagogesch Ekippen, fir eng Organisatioun ze wielen, déi de konkrete Besoine vun de Kanner an der Klass Rechnung dréit?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Ricardo MARQUES

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4005 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

1. **Kann den Här Minister confirméieren, datt fir d'Rentrée 2026/2027 d'Aarbechtszäit vu Personal à temps partiel am Enseignement fondamental nei organiséiert gëtt?**

   Ech kann déi Informatioun, déi den honorabelen Deputéierten uféiert, net confirméieren. All Joer gëtt am Fréijoer am Kader vun der Virbereedung vun der kommender Rentrée d'Circulaire de printemps spezifesch un d'Gemengenautoritéiten a generell u sämtlech Membere vun der Schoulcommunautéit geriicht, fir se an der Elaboratioun vun der Schoulorganisatioun ze guidéieren an ze ënnerstëtzen. An dëser Circulaire ginn, falls néideg, déi nei Dispositiounen am Zesummenhang mat der Schoulorganisatioun presentéiert. Déi concernéiert Circulaire gesäit keng nei Virgab betreffend d'Organisatioun vun der Aarbechtszäit vun den Agenten, déi Deelzäit schaffen, vir.

2. **Wéi bewäert den Här Minister aus pedagogescher Siicht eng Organisatioun, bei där zwou Persounen, déi sech eng 50%-Tâche deelen, sech am Laf vum selwechten Dag an enger Precoce-Klass ofléisen? Wéi een Impakt huet en zousätzlechen Wiesselen am Laf vum Dag sech op d'Wuelbefanne vun de Kanner, op d'Gruppedynamik an op d'Kontinuitéit vun der pädagogescher Aarbecht am Précoce auswierken?**

   Eng konkreet Bewäertung vun esou enger Situatioun hänkt vu ville verschiddene Facteuren of, an ass ënnert dëser Form net méiglech. Allgemeng gesinn, kann ee soen, datt previsibel a zouverlässeg Bezéiunge mat Betreiungspersounen e wichtege Qualitéitsfacteur sinn. Kontinuitéit erliichtert deemno d'Bindung, d'Gruppendynamik an déi pedagogesch Kohärenz. Heefeg oder onglécklech organiséiert Wiessele kënnen dogéint bei verschiddene Kanner Stress oder Desorientéierung ausléisen. Dat bedeit awer net, datt all Wiessel per se problematesch ass. De Moment vum Wiessel muss wuel gewielt sinn a sech harmonesch an den Dages- respektiv Wochenoflaf aglidderen.

3. **Wéi vill Spillraum behalen d'Schoulen an d'pedagogesch Ekippen, fir eng Organisatioun ze wielen, déi de konkrete Besoine vun de Kanner an der Klass Rechnung dréit?**

   Den Artikel 16 vum *Règlement grand-ducal du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental* gesäit explizitt vir, datt déi pedagogesch Equipe ënnert der Coordinatioun vum Coordinateur de cycle d'Interventioune vun den eenzelnen Enseignanten an de jeeweilege Klassen esou opdeelen, datt d'Verdeelung de Besoine vun de Kanner am beschte gerecht gëtt.

Lëtzebuerg, de 27. Mee 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH